



FIELSER
SCHOULBUET
2024-2025



Institutrices spécialisées en développement scolaire (I-DS)	27
Instituteur spécialisé en compétences numériques (I-CN)	28
Schoukkommissioun - Commission scolaire	29
Elterevertreieder - Représentants des parents	30
Elterevereengung - Association des parents d'élèves de l'école de Larochette	31
Sozialaarbechterin - Assistante sociale	31
Kannerinfirmière - Infirmière en pédiatrie	33
Maison-Relais - Service d'éducation et d'accueil	34
FILANO	39
Schoulprojeten - Projets d'école	40
Alphabétisatioun "zesumme wuessen"	40
Label "Schreibmotorik-Schule" fir d'Fielser Schoul	42
PDS - Plan de Développement Scolaire	43
Clever move	43
Bibliothéik - Bibliothèque	45
Schoumëllech- a Schouluebstprogramm - Fruits et lait à l'école	46
Reglementer - Réglementations	47
Elektronesch Geräter - Appareils électroniques	47
Kleederuerdnung - Tenue vestimentaire	47
Prozeduren - Procédures	48
lessen - Collation	48
Schwammen an Turnen - Natation et éducation physique	48
CDM - Centre pour le développement moteur	49
Mierscher Lieshaus	50
Sportveräin - Club sportif	52
Réckbléck 23/24 - Rétrospective 23/24	53
Reklammen - Publicités	66

VIRWUERT

Léif Elteren,

Mir si frou, lech déi éischt Ausgab vum „Fielser Schoulbuet“ presentéieren ze kënnen.

Dir fannt am Schoulbuet nätzlech Informatiounen iwwert

1. d'Schoul
2. d'Maison Relais
3. de Bustransport
4. an nach villes méi.

Et wier gutt dëst Heftche während dem ganze Schouljoer ze versueren, fir wichteg Informatiounen noliesen ze kënnen.

PRÉFACE

Chers parents,

Nous nous réjouissons de vous présenter la première édition du « Fielser Schoulbuet ».

Vous y trouverez des informations importantes concernant :

1. l'école
2. la Maison Relais
3. le transport scolaire
4. et beaucoup plus.

Il est recommandable de garder la brochure afin de pouvoir la consulter tout au long de l'année.



VIRWUERT VUM BUERGERMEESCHTER



**Léif Schoukanner, léif Elteren,
Léif Enseignante an Educateure,
Léif Mataarbechter, léif alleguer,**

Et ass eis eng grouss Freed, dass mir zesumme mat der Schoulpresidentin dëse Schoulbuet konnten op d'Bee setzen. D'Iddi ass hei ganz kloer, esou vill wei méiglech Informatiounen un d'Elteren an un d'Kanner ze iwwerdroen.

Fir iech, léif Kanner, fänkt no enger wuelverdängter Vakanz e Méinden, de 16. September 2024, nees d'Schoul un. Net nëmme fir iech an är Elteren ass d'Schoulrentrée e wichtege Moment.

Och d'Schoulpersonal, d'Personal aus der Maison Relais an d'Gemengepersonal hunn an deene leschte Méint op dëse wichtege Datum higeschafft fir lech en optimale Start fir dëst Schouljoer garantéieren ze kënnen.

An dësem Schoulbuet fannt Dir all wichtig Informatiounen, déi Dir braucht fir de Schoulufank vun dësem Joer.

Dofier wier et gutt, dëst Heftche während dem ganze Schouljoer ze versuergen, fir wichtig Informatiounen, wann néideg, nozeliesen.

Donieft erënnert e mat e puer flotten Texter a Biller un déi schoulesch an ausserschoulesch Aktivitéiten iwwer dat lescht Schouljoer.

Mir sinn eis bewusst, datt d'Kanner de Garant vun eiser Zukunft sinn an dofir muss d'Ëmfeld vun de Kanner stëmmen an all Kand muss sech wuel fillen an integréiert sinn a ginn. An eiser Schoul ass keng Plaz fir Ausgrenzung, Diskriminéierung, Mobbing an all Zort vun Aggressivitéit.

E grouse Merci gëllt och all eisen engagéierte Léierpersounen. Dir sidd déi wahrhafteg Helden am Klassenzëmmer, déi Dag fir Dag mat Leidenschaft an Higab ënnerriichten. Dir hutt net just Wësse vermëttelt, mee och Vertrauen opgebaut, Talenter gefërdert an d'Kanner encouragéiert, hir Ziler ze verfolge. Ären Asaz ass vun onschätzbarem Wäert a präägt nohalteg d'Liewe vun eise Kanner.

**Chers élèves, chers parents,
Chers enseignants et éducateurs,
Chers collaborateurs, chers tous,**

Nous sommes ravis de pouvoir créer ce document du "Schoulbuet" en collaboration avec la présidente de l'école.

Notre idée primordiale était de transférer le plus d'informations possibles aux parents et aux élèves.

Pour vous, chers élèves, l'école recommencera lundi, le 16 septembre 2024 après des vacances bien méritées. La rentrée scolaire n'est pas seulement un moment important pour vous et vos parents. Il s'agit aussi d'une date importante pour le personnel de l'école, de la Maison Relais et de la commune, en vue de laquelle ils ont travaillé les derniers mois pour pouvoir garantir une rentrée optimale pour cette année scolaire.

Dans ces pages, vous trouverez toutes les informations nécessaires pour la rentrée scolaire de cette année.

Ainsi, il sera utile de garder ce livret pendant toute l'année scolaire afin de pouvoir consulter tous les renseignements.

La publication rappelle, à l'aide de textes et de jolies images, les activités scolaires et parascolaires de l'année scolaire passée.

Nous sommes conscients que les enfants représentent le garant de notre avenir. De ce fait, il nous importe d'offrir un environnement sécurisé aux enfants, qui leur permet de se sentir à l'aise et bien intégrés.

Au sein de notre école, nous ne tolérons pas d'exclusion, de discrimination, d'harcèlement, du mobbing ou toute autre sorte d'agression.

Un grand Merci s'adresse aux enseignants engagés. Vous êtes les vrais héros en classe, qui enseignent chaque jour avec passion et dévouement. Vous n'avez pas seulement transféré des connaissances, mais aussi établi un climat de confiance, encouragé

Fir dat kommend Schouljoer wëll ech lech all vill Erfolleg wënschen. Léiert weiderhi mat Begeeschterung an Entschlossenheet fir Är Dreem ze areechen. Notzt d'Méiglechkeeten, déi lech gebuede ginn, fir är Fäegkeeten ze entfalten an Är Dreem ze verwierklechen.


Mirko Martellini
Buergermeeschter



des talents et motivé les enfants à poursuivre leurs objectifs. Votre engagement représente un service inestimable et marque la vie de nos enfants de manière durable.

Pour l'année scolaire à venir, je vous souhaite beaucoup de succès. Poursuivez votre apprentissage avec enthousiasme et avec détermination pour réaliser vos rêves. Bénéficiez des possibilités, qui vous sont offertes, pour développer vos capacités et pour réaliser vos rêves.

Mirko Martellini
Bourgmestre



SCHOULUFANK 24/25

RENTRÉE DES CLASSES 24/25

D'SCHOUL FÄNKT UN

Méindes, de **16. September 2024**, ass den éischte Schouldag.

D'Schoul fänkt um 7:50 un an dauert moies bis 12:00. Mëttes ass och Schoul vu 14:00 bis 16:00.

De Schoultransport an och d'Maison Relais funktionéieren normal ab dem éischte Schouldag.

REPRISE DES COURS

Le lundi, **16 septembre 2024**, jour de la reprise des classes, l'école commencera à 7h50.

Les cours auront lieu jusqu'à 12h00. L'après-midi il y aura aussi école de 14h00 à 16h00.

Les services de la Maison Relais ainsi que le transport scolaire fonctionneront normalement à partir du premier jour de classe.



SCHOULZÄITEN

HORAIRES DES CLASSES

CYCLE 1

HORAIRE	LUNDI	MARDI	MERCREDI	JEUDI	VENDREDI
7:40 - 7:50	surveillance	surveillance	surveillance	surveillance	surveillance
7:50 - 8:10	appui	appui	appui	appui	appui
8:10 - 12:00	cours	cours	cours	cours	cours
12:00 - 12:10	surveillance	surveillance	surveillance	surveillance	surveillance
13:50 - 14:00	surveillance	-	surveillance	-	surveillance
14:00 - 16:00	cours	-	cours	-	cours
16:00 - 16:10	surveillance	-	surveillance	-	surveillance

CYCLE 2-4

HORAIRE	LUNDI	MARDI	MERCREDI	JEUDI	VENDREDI
7:40 - 7:50	surveillance	surveillance	surveillance	surveillance	surveillance
7:50 - 12:00	cours	cours	cours	cours	cours
12:00 - 12:10	surveillance	surveillance	surveillance	surveillance	surveillance
13:50 - 14:00	surveillance	-	surveillance	-	surveillance
14:00 - 16:00	cours	-	cours	-	cours
16:00 - 16:10	surveillance	-	surveillance	-	surveillance

SCHOULTRANSPORT

Fir datt de Schülertransport, dee vun der Fielser Gemeng organiséiert gëtt, zur gréisster Zefriddenheet funktionéiere kann, biede mer lech, Är Kanner op follgend Reegelen opmierksam ze maachen:

1. D'Kanner mussen während der Dauer vum Transport sëtze bleiwen.
2. De Schoulsak muss ënnert dem Sëtz verstaut ginn. Et ass net erlaabt, de Schoulsak um Réck ze halen.
3. Et ass verbueden, am Bus ze jäizen an déi aner Kanner ze stoussen.
4. D'Kanner müssen dem Buschauffer an dem Begleedpersonal am Bus follegen.
5. D'Kanner sollen oppassen, datt de Bus propper bleift. Dowéinst ass et och verbueden, am Bus z'iessen an ze drénken.
6. Et ass erlaabt, e Ball mat an de Bus ze huelen, wann dësen an enger Tut transportéiert gëtt.
7. De Bus ass mat Gurten ausgestatt, also müssen d'Kanner dës och andoen.

Wann e Kand dës Reegelen net respektéiert, dann informéiert de Buschauffer oder d'Busbegleeder d'Elteren. D'Léierpersonal gëtt och informéiert.

Jee nodeem, wat virgefall ass, kann d'Gemeng e Kand während enger bestëmmter Dauer vum Bus-transport ausschléissen. An dësem Fall kréien d'Elteren an den Enseignant e Bréif vun der Gemeng, wou si iwwert dës Schrëtt informéiert ginn. D'Eltere müssen dann dofir suergen, datt hiert Kand an d'Schoul kënnt.



TRANSPORT SCOLAIRE

Pour que le transport scolaire organisé par la commune de Larochette puisse fonctionner correctement et en toute sécurité, nous vous prions de bien vouloir rendre attentif votre enfant aux règles suivantes :

1. Les enfants doivent rester assis pendant toute la durée du transport scolaire.
2. Les cartables doivent être rangés sous les sièges. Il n'est pas permis de s'asseoir avec le cartable adossé contre le siège.
3. Il est interdit de crier dans le bus et de pousser les autres enfants.
4. Les enfants doivent respecter et suivre les directives du personnel surveillant et du chauffeur de bus.
5. Les enfants doivent respecter la propreté des sièges. Ainsi, il est interdit de manger et de boire pendant le trajet.
6. Il est permis d'emmener des ballons de foot dans le bus, sous condition qu'ils soient transportés dans un sac ou un filet.
7. Le bus est équipé de ceintures de sécurité, le port de celles-ci est obligatoire.

En cas de non-respect de ces règles, le personnel surveillant ou le chauffeur de bus contacteront les parents de l'élève. Le titulaire de l'élève en sera aussi informé.

Selon la gravité des faits, la commune pourra exclure l'enfant du transport scolaire pendant une certaine durée. Les parents et le titulaire de classe seront informés par écrit par la commune de la mesure disciplinaire décidée.

Dans ce cas, les parents devront eux-mêmes organiser le déplacement de leur enfant vers l'école.

SCHOULTRANSPORT - AUERZÄITEN TRANSPORT SCOLAIRE - LES HORAIRES

ALLER MATIN

Chapelle Ernzen	07h30
Plateau Ernzerberg	07h35
Arrêt Distelfeld	07h38
Arrêt Manzebaach	07h43
École fondamentale	07h45



ALLER APRÈS-MIDI

Chapelle Ernzen	13h43
Plateau Ernzerberg	13h48
Arrêt Distelfeld	13h51
Arrêt Manzebaach	13h55
École fondamentale	13h58



RETOUR MIDI

École fondamentale	12h05
Arrêt Manzebaach	12h08
Chapelle Ernzen	12h11
Plateau Ernzerberg	12h16
Arrêt Distelfeld	12h19



RETOUR APRÈS-MIDI

École fondamentale	16h05
Arrêt Manzebaach	16h08
Chapelle Ernzen	16h11
Plateau Ernzerberg	16h16
Arrêt Distelfeld	16h19



D'Surveillance am Schoulbus gëtt vum Personal aus der Maison Relais assuréiert. Bei Froe kënnt Dir lech un d'Surveillante Madamm Fabienne MESEN wenden um 691 470 699.

La surveillance du bus scolaire sera assurée par le personnel de la Maison Relais. En cas de besoin veuillez contacter la surveillante Mme Fabienne MESEN au 691 470 699.



KISS & GO

E "Kiss&Go" System ass op der Plaz fir d'Surveillance vun de Kanner virun an no der Schoulzäit ze erliichteren. D'Konditiounen sinn:

1. Moies um 7:50 däerfen d'Elteren hir Kanner an de Schoulhaff begleeden.
2. D'Eltere waarden um 12:00 a 16:00 ausserhalb vum Schoulhaff op hir Kanner.
3. Um 14:00 begleeden d'Elteren hir Kanner just bis bei d'Entrée vum Schoulhaff.
4. D'Eltere vun de Kanner aus dem Précoce, komme moies an am Nomëtteg duerch den Haff vum C1 a waarden um 12:00 an um 16:00 virun dësem Haff.
5. D'Éducatrice vun der Maison Relais huelen d'Kanner, déi do ugemellt sinn, um 12:00 a 16:00 Auer am Schoulhaff of.

D'Surveillance, déi vun den Enseignanten organiséiert gëtt, funktionéiert am Schoulhaff vu 7:40 bis 7:50 a vun 13:50 bis 14:00 an um Parking beim Schoulbus vun 12:00 bis 12:10 a vun 16:00 bis 16:10.

Fir Uerdnung an e propperen Haff ze garantéieren, sinn Hënn do net erlaabt. Mir erënneren Iech och drun, datt et dem Gesetz no streng verbueden ass, um Schoulterrain an an der Ëmgéigend ze fëmmen.

KISS & GO

Un système « Kiss&Go » est en place afin de faciliter la surveillance des enfants avant et après les heures de classe. Les modalités sont les suivantes :

1. Le matin à 7h50, les parents sont autorisés à accompagner leurs enfants dans la cour de l'école.
2. Les parents attendent leurs enfants en dehors de la cour de l'école à 12h00 et à 16h00.
3. À 14h00, les parents n'accompagnent leurs enfants que jusqu'à l'entrée de la cour.
4. Les parents des enfants qui fréquentent la classe du Précoce, entrent le matin et l'après-midi par la cour du C1 et attendent leurs enfants à 12h00 et à 16h00 devant la cour du C1.
5. Les éducateurs/éducatrices de la Maison Relais rassemblent les enfants, qui sont inscrits dans la Maison Relais, dans la cour de l'école à 12h00 et à 16h00.

Une surveillance organisée par les enseignants fonctionne dans la cour de l'école de 7h40 à 7h50 et de 13h50 à 14h00 et aux alentours du bus scolaire, de 12h00 à 12h10 et de 16h00 à 16h10.


Pour garantir l'ordre et la propreté dans la cour les chiens sont interdits d'y accéder. Nous vous rappelons également que d'après la loi il est strictement interdit de fumer dans la cour de l'école ainsi que dans les alentours.

SÉCHERE SCHOULWEE

1. Ech ginn ëmmer op der sécherer Säit vum Trottoir, wäit ewech vun der Strooss.
2. Ech gi beim Zebrasträifen iwwert d'Strooss: Ech kucke fir d'éischt no lénks, dann no riets, an dann nach emol no lénks éier ech iwwert d'Strooss ginn. Ech ginn iwwert d'Strooss, wa keen Auto kennt oder en stoe bleift fir mech laanscht ze loossen.
3. Ech gi bei enger roudter Luucht iwwert d'Strooss: bei Rout bleiwen ech stoen, bei Gréng kann ech iwwert d'Strooss goen. Ech passen dobäi awer ëmmer gutt op.
4. Fir dass d'Autofuerer mech gutt am Däischtere gesinn, passen ech meng Kleedung un:
 - > hell Kleeder
 - > reflektéierend Bännercher op meng Kleeder
 - > reflektéierend Bännercher oder Blinki op mengem Schoulsak
 - > eng Sécherheetsveste.

LE CHEMIN DE L'ÉCOLE EN TOUTE SÉCURITÉ

1. Je marche toujours du côté sûr du trottoir, loin des voitures.
2. Je traverse la route au passage pour piétons : je regarde à gauche, à droite et encore une fois à gauche avant de traverser la rue. Je traverse la route seulement si je ne vois pas de voiture ou si elle s'arrête pour me laisser passer.
3. Je traverse la route au feu de signalisation : si le feu est rouge, je dois m'arrêter. Si le feu est vert, je peux traverser la route. Je reste toujours attentif.
4. Pour que les automobilistes puissent m'apercevoir plus aisément dans le noir, je porte :
 - > des vêtements clairs
 - > des bandes réfléchissantes sur mes vêtements
 - > des bandes réfléchissantes ou un Blinki sur mon cartable
 - > un gilet de sécurité.



SCHOULFLICHT

1. Nom Artikel 7 aus dem Gesetz vum 6. Februar 2009 betreffend d'Schoulpflicht, muss all Kand, dat zu Lëtzebuerg wunnt a virum 1. September 4 Joer al ass dat Schouljoer ageschoult ginn. Des Schoulpflicht dauert wéinstens 12 Joer.
2. Op Ufro vun den Elteren an no Geneemung vum Gemengerot kann dës Aschoulung am 1. Zyklus ëm 1 Joer zrëckversat gi wann de Gesondheitszoustand oder den Entwécklungsstand vum Kand dëst justifizéiert. D'Elteren adresséieren dee Moment eng Ufro mat engem Certificat vun engem Kannerdokter un d'Gemengeverwaltung.
3. All d'Kanner, déi net do, wou se ugemellt sinn, an d'Schoul ginn, mussen vun hiren Eltere spéitstens 8 Deeg no Schoulufank bei der Gemengeverwaltung ofgemellt ginn. D'Eltere müssen e Certificat areechen, dee beweist, datt d'Kand an enger anerer Schoul ageschriwwen ass.

GRONDSCHOUL

Déi ëffentlech Grondschoul ass fir Kanner vun 3 bis 11 Joer. Dës 9 Schouljore sinn a 4 Léierzyklen opgedeelt. All Kand, dat zu Lëtzebuerg wunnt a bis den 1. September 4 Joer huet, muss an d'Grondschoul. Den Zyklus 1 besteet aus dem Precoce (3 bis 4 Joer) an dem Préscolaire (4 bis 5 Joer), woubäi de Precoce fakultativ ass. D'Zyklen 2 bis 4 (6 bis 11 Joer) entsprechen der fréierer Primärschoul.

OBLIGATION SCOLAIRE

1. Conformément à l'article 7 de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire, tout enfant habitant le Luxembourg et âgé de quatre ans révolus avant le premier septembre doit commencer sa scolarisation cette année scolaire. Cette obligation s'étend sur douze années consécutives à partir du premier septembre de l'année en question.
2. A la demande des parents et sur autorisation du conseil communal, l'admission au premier cycle de l'enseignement fondamental peut être différée d'une année si l'état de santé ou si le développement physique ou intellectuel de l'enfant justifie cette mesure. Les parents adressent leur demande à l'administration communale en y joignant un certificat établi par un pédiatre.
3. Pour les enfants résidents en âge scolaire, qui ne fréquentent pas une classe dans la commune, les parents devront en informer sans délai et au plus tard 8 jours après le début des cours l'administration communale, en remettant obligatoirement un certificat d'inscription scolaire.

ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

L'école fondamentale publique accueille les enfants de 3 à 11 ans. Elle comprend neuf années de scolarisation réparties sur quatre cycles d'apprentissage. Tout enfant habitant le Luxembourg âgé de 4 ans révolus avant le 1er septembre doit fréquenter l'école fondamentale. Le cycle 1 comprend une première année facultative : l'éducation précoce (3 à 4 ans) et l'éducation préscolaire (4 à 5 ans). Les cycles 2 à 4 (6 à 11 ans) correspondent à l'enseignement primaire.

ASCHREIWUNG AN DEN ZYKLUS 1.0 - DE PRECOCE

D'Aschreiwung vun Ärem Kand an de Precoce ass fakultativ a fënnt am Fréijoer virum Ufank vum Schouljoer statt. D'Eltere vun de concernéierte Kanner kréien e Bréif mat engem Umeldungsformular vun der Gemengeverwaltung. Eemol ugemellt, soll d'Participatioun reegelméisseg a nom gewielten Zäitplang sinn.



Nëmme Kanner, déi den 1. September vum aktuelle Joer den Alter vun 3 Joer erreecht hunn, si berechtegt fir an de Precoce.

Wat sinn d'Virdeeler vum Precoce?

Äert Kand léiert mat anere Kanner ze kommunizéieren an ze spillen (Sozialiséierung) souwéi sech an der Lëtzeburgerger Sprooch auszédreécken a seng kreativ Fäegkeeten ze entwéckelen.

All Kand, dat virum 1. September vum aktuelle Joer den Alter vu 4 Joer erreecht huet, kënn an den Zyklus 1.1. Ab 4 Joer ass d'Schoul obligatoresch. Äert Kand gëtt automatesch an der Schoul ugemellt, déi Ärem Wunnsätz entsprécht.



MODALITÉS D'INSCRIPTION AU CYCLE 1.0 - PRÉCOCE

L'inscription de votre enfant à l'éducation précoce est facultative et se fait au printemps avant le commencement de l'année scolaire. Les parents des enfants concernés reçoivent un courrier contenant un formulaire d'inscription de la part de l'administration communale. Une fois inscrit, la fréquentation devra se faire d'une façon régulière suivant l'horaire choisi.



Seulement les enfants ayant atteint l'âge de 3 ans le 1er septembre de l'année en cours sont admissibles à l'éducation précoce.

Quels sont les avantages de la fréquentation de l'éducation précoce ?

Votre enfant apprend à communiquer et à jouer avec d'autres enfants (socialisation) ainsi qu'à s'exprimer en langue luxembourgeoise et à développer ses facultés créatrices.

Dès l'âge de 4 ans, l'école est obligatoire. Votre enfant est inscrit d'office à l'école qui correspond à votre lieu de résidence. Sont admissibles au cycle 1.1 tous les enfants ayant atteint l'âge de 4 ans avant le 1er septembre de l'année en cours.

VAKANZEN A SCHOULFRÄI DEEG

D'Schouljoer 2024/2025 fänkt Méindes de **16. September 2024** un a geet bis Dënschdes de **15. Juli 2025**.

De Kalenner ass wéi follegt:

Allerhellegevakanz

Samschdeg 26.10.2024 - Sonndeg 03.11.2024

Kleeserchersdag (nëmmen fir d'Grondschoul)

Freideg 06.12.2024

Chrëschtvakanz

Samschdeg 21.12.2024 - Sonndeg 05.01.2025

Fuesvakanz

Samschdeg 15.02.2025 - Sonndeg 23.02.2025

Ouschtervakanz

Samschdeg 05.04.2025 - Sonndeg 20.04.2025

Ouschterméindeg

Méindeg 21.04.2025

Dag vun der Aarbecht

Donneschdeg 01.05.2025

Europadag

Freideg 09.05.2025

Päischtvakanz

Samschdeg 24.05.2025 - Sonndeg 01.06.2025

Päischtméindeg


Méindeg 09.06.2025

Nationalfeierdag

Méindeg 23.06.2025

Summervakanz

Méittwoch 16.07.2025 - Sonndeg 14.09.2025



VACANCES ET JOURS FÉRIÉS

Pour l'année scolaire 2024/2025, l'année débute lundi **16 septembre 2024** et finit mardi le **15 juillet 2025**.

Le calendrier est le suivant :

Congé de la Toussaint

samedi 26.10.2024 - dimanche 03.11.2024

Fête de Saint Nicolas

(concerne seulement les classes de l'enseignement fondamental)
vendredi 06.12.2024

Vacances de Noël

samedi 21.12.2024 - dimanche 05.01.2025

Congé de Carnaval

samedi 15.02.2025 - dimanche 23.02.2025

Vacances de Pâques

samedi 05.04.2025 - dimanche 20.04.2025

Lundi de Pâques

lundi 21.04.2025

Fête du travail

jeudi 01.05.2025

Journée de l'Europe

vendredi 09.05.2025

Congé de la Pentecôte

samedi 24.05.2025 - dimanche 06.06.2025

Lundi de Pentecôte

lundi 09.06.2025

Fête nationale

lundi 23.06.2025

Vacances d'été

mercredi 16.07.2025 - dimanche 14.09.2025

ABSENCEN, EXCUSEN AN DISPENSEN

All Absence muss an der Schoul bis 8h15 moies, respektiv bis 14h15 mëttes, gemellt ginn.

Mir bieden d'Elteren, all Rendez-vous beim Dokter ausserhalb vun der regulärer Schoulzäit ze huelen.

E Krankeschäin muss ab dem 3. Dag virgeluecht ginn.

Onentschëllegt Feelen, souwéi Feelen ouni valabele Grond, sinn Infraktiounen, déi dem Buergermeeschter musse weidergeleet ginn. Dësen informéiert dann de Schouldirekter.

Am Fall wou Äert Kand net um Schoulunterricht kann deelhuelen, kennt Dir dëse Modell vun Entschëllegung benotzen (QR Code).

Eng Dispens kann accordéiert ginn opgrond vun enger motivéierter Ufro vun den Elteren:

- A.** vum Enseignant fir een Dag maximal,
- B.** vum President vum Schoulcomité fir 2 bis 5 Deeg. Dës Ufro muss schrëftlech agereecht ginn.

Eng schrëftlech Ufro muss hei agereecht ginn:

 **Ana RIBEIRO**

Présidente du comité d'école

 21, rue de Medernach L-7619 Larochette

 ana.ribeiro@education.lu

Eenzeg valabel Motiver sinn Doudesfäll an der Famill oder Fäll vun héijer Gewalt. Ausser duerch d'Geneemegung vum Minister dierf d'Unzuel vun den Dispense pro Joer 15 Deeg net iwwerschreiden, dovunner héchstens 5 Deeg hannerteneen.

D'Léierpersonal huet kee Recht, eng Verlängerung vun de Vakanzen ze entschëllegen!

ABSENCES, EXCUSES ET DISPENSES

Toute absence doit être signalée à l'école avant 8h15 le matin, et avant 14h15 l'après-midi.

Les parents sont priés de demander tout rendez-vous chez un médecin en dehors de l'horaire scolaire.

Un certificat médical doit être présenté à partir du 3e jour d'absence.

Les absences non excusées et les absences sans motif valable constituent des infractions et sont signalées au bourgmestre qui informe à son tour le directeur de région.

Si votre enfant ne peut pas fréquenter l'école, vous pouvez utiliser le modèle d'excuse suivant (QR code).



Une dispense de fréquentation scolaire peut être accordée sur demande motivée des parents :

- A.** par l'instituteur pour une durée d'une journée ;
- B.** par le président du Comité d'école pour une durée entre 2 et 5 journées. Cette demande se fait sous forme écrite.

Les demandes écrites sont à adresser à l'adresse suivante.

Seuls motifs valables sont le décès d'un proche ou un cas de force majeure. Sauf autorisation du ministre, l'ensemble des dispenses accordées ne peut dépasser quinze jours dont cinq jours consécutifs par année scolaire.

Le personnel enseignant n'est pas en mesure d'excuser des absences dues à une prolongation des vacances !

SURVEILLANCE

D'Léierpersonal vun der Schoul garantéiert eng Surveillance vun zéng Minutte jeeweils virun an no de Coursen. Ausserhalb vun dësen Zäite stinn d'Kanner, déi sech am Schoulhaff befannen, ënnert der Verantwortung vun den Elteren oder vun der Maison Relais, wann si bei hinnen dee Moment ageschriwwe sinn.

E-BICHELCHEN

D'e-Bichelchen ass e virtuellen Agenda fir d'Hausaufgaben, d'Absencen an all aner Kommunikatioun oder Austausch.

Fir et ze benotzen, muss ee fir d'éischt d'App vum e-Bichelchen am App Store oder bei Google Play eroflueden.

Da muss een de Code, deen ee vum Enseignant krut aginn an d'e-Bichelchen ass installéiert.

SURVEILLANCE

Une surveillance de dix minutes avant et après les cours est organisée par l'école. En dehors des heures de surveillance définies, les enfants se trouvant dans l'enceinte de l'école agissent sous la responsabilité de leurs parents ou de la Maison Relais, s'ils y sont inscrits à ce moment.

E-BICHELCHEN


L'e-Bichelchen est un agenda virtuel pour les devoirs à domicile, les absences ou toutes autres communications et échanges.

Pour l'utiliser, il faut tout d'abord télécharger l'application e-Bichelchen dans l'App Store ou chez Google Play.

Une fois le code, reçu par l'enseignant, a été rentré, l'e-Bichelchen est bien installé.



Tutorial fir Elteren
Tutoriel pour parents



ADRESSEN A KONTAKTER ADRESSES ET CONTACTS

Direction de l'enseignement fondamental - Région Mersch

Romaine THEISEN
Directrice

Siège principal Mersch

5, rue des Près L-7561 Mersch

Annexe Bissen

22, ZAC Kléngbousbiérg L-7795 Bissen

24 75 58-10

direction.mersch@men.lu
secretariat.mersch@men.lu

Administration Communale de Larochette

33, chemin J.-A. Zinnen
L-7626 Larochette

83 70 38

École fondamentale Cycles 1-4

Ana RIBEIRO
 87 80 05-33
(pendant les heures scolaires)
 ana.ribeiro@education.lu

École fondamentale de Larochette

87 80 05

Surveillance du bus

Fabienne MESEN
 691 470 699

Maison Relais vun de Fielser Bidestëpp asbl

55, chemin J.-A. Zinnen
L-7626 Larochette

26 87 37-81

mrlarochette@youthhostels.lu

Filano

Plateau Birkelt L-7633 Larochette

Responsable hall omnisport :

Christian SCHULTÉ
 26 87 10

Responsable piscine :

Nancy WINTERSDORFF
 26 87 10-06

Médecine scolaire

Centre Médico-Social
 17, rue de la Gare L-7535 Mersch
 32 58 20-1
 ligue@ligue.lu

Elisa FOURNIER
Infirmière en pédiatrie
 32 58 20-26/621 201 124

Simone KIEFFER
Assistante sociale
 32 58 20-21/621 201 296

Bicherbus

Rue Joseph Merten L-9257 Diekirch
 80 30 81
 www.bicherbus.lu
 bicherbus@bnl.lu

CHARTA

Eis Schoulcharta hëlleft, e gesond Schouklima ze schafen. Si enthält souwuel Rechter wéi och Flichten a soll all Member vun der Schoulgemeinschaft als Leetfuedem déngen, am Interêt vun engem gudde Schoulbetrib.



CHARTE

La charte scolaire nous aide dans un esprit de solidarité à créer un climat favorable à l'apprentissage, au travail et à la vie scolaire. Notre charte scolaire reprend les droits et les devoirs de tous les membres de la communauté scolaire et doit servir de guide pour tous, dans l'intérêt du bon fonctionnement de l'école.



KLASSEVERDEELUNG AN ENSEIGNANTEN

RÉPARTITION DES CLASSES ET ENSEIGNANTS

CYCLE 1



	📍	📞
1. Katia RODRIGUES ROSA	C1.0 - Éducation Précoce	87 80 05-22
2. Lisi RAUCHS	C1.0 - Éducation Précoce	87 80 05-22
3. Alexandra FERREIRA	C1.0 - Éducatrice	-
4. Sandra ACKELS	C1.0 - Éducatrice	-
5. Sandra LAHR	C1.1/C1.2	87 80 05-28
6. Michèle KAUFFMANN	C1.1/C1.2	87 80 05-27
7. Yana MINY	C1.1/C1.2	87 80 05-26
8. Ana LOPES	Sproocheprojet/Projet linguistique	87 80 05-24
9. Laure NICKELS	Décharges	-
10. Jeff WOHLFART	Décharges	-

CYCLE 2



1.	Cindy ANTHON	C2.1 - filière française	87 80 05-37
2.	Karin WIES	C2.1 - filière allemande	87 80 05-40
3.	Jeff WOHLFART	Décharges C2.1/C2.2	-
4.	Damien KÖNIG	C2.2 - filière française	87 80 05-32
5.	Cindy COSTA LAGE	C2.2 - filière allemande	87 80 05-34
6.	Lynn KOOB	Décharges C2.2	-
7.	Ana RIBEIRO	Décharges C2.2	-

CYCLE 3



1.	Claudine BERGER	C3.1	87 80 05-35
2.	Laure NICKELS	Décharges C3.1/C3.2	-
3.	Nora GIBÉRYEN	C3.2	87 80 05-39
4.	Ana RIBEIRO	Décharges C3.2	-

CYCLE 4



1.	Pascale HOFFMANN	C4.1	87 80 05-23
2.	Claude BOCK	C4.1	87 80 05-29
3.	Jadoul RUBEN	Décharges C4.1/C4.2	-
4.	Carmen RÜSING	C4.2	87 80 05-36
5.	Mike WENNER	C4.2	87 80 05-42

ACCUEIL



Conny ELSÉN



ESEB - ÉQUIPE DE SOUTIEN DES ÉLÈVES À BESOINS ÉDUCATIFS SPÉCIFIQUES

D'ESEB-Diagnostik-Ekipp besteet aus Psychologen a Pädagogen an huet hire Sëtz zu Miersch am Gebai vun der Direktioun. Si huet als Aufgab fir déi Kanner, déi si vum lokale Förderteam gemellt kréien, eng Diagnose opzestellen a Begleedungsmoossnamen auszeschaffen. Si stellt och de Kontakt zur *Commission d'inclusion* (CI) an de Kompetenzzentren hir.

D'Förderteam an der Fieler Schoul besteet aus enger I-EBS (*institutrice spécialisée dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques*) an enger Educatrice graduée. Am Sënn vun enger inklusiver Approche hunn si als Aufgab, Kanner mat spezifesche Bedürfnisser innerhalb vun der Schoul ze betrieen, si an hirer Klass ze ënnerstëtzen an ze fërderen. Si schaffen dobäi enk mam Léierpersonal zesummen a beroden d'Equppen aus deene verschidde Zyklen. Si stellen och de Kontakt mat der ESEB-Diagnostik-Ekipp hir, falls d'Begleedungsmoossnamen um lokalen Niveau keen zefriddestellend Resultat bréngen. Ausserdeem schaffen si mam *Service d'éducation et d'accueil* (SEA) zesummen fir och hei de Kanner mat spezifesche Bedürfnisser dat bescht méiglecht Ëmfeld ze bidden.

L'équipe ESEB-Diagnostic est composée de psychologues et de pédagogues et est basée à Mersch dans le bâtiment de la Direction Régionale. Elle a pour mission de prendre en charge les enfants à besoins spécifiques ou particuliers lorsque les mesures de remédiation décidées au niveau local ne suffisent plus. Elle fait un premier diagnostic et prend contact avec la *Commission d'inclusion* (CI) et les centres de compétences.

L'équipe de soutien de l'école de Larochette est composée d'une *institutrice spécialisée dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques* (I-EBS) et d'une éducatrice graduée. En respectant une approche pédagogique inclusive, elles s'occupent des enfants à besoins au sein de l'école, les assistent dans leur classe et les aident à avancer dans leurs apprentissages. Elles collaborent avec le personnel enseignant et conseillent les équipes pédagogiques des différents cycles. Si les mesures de remédiation au niveau local n'ont pas de résultat satisfaisant, elles prennent contact avec l'équipe ESEB-Diagnostic. Elles collaborent également avec le personnel du *service d'éducation et d'accueil* (SEA) pour favoriser l'accueil des enfants à besoins spécifiques et particuliers.

ÉQUIPE ESEB



Lis THIELLEN



Alexandra PALADINO

☎ 87 80 05-38



SCHOULCOMITÉ COMITÉ D'ÉCOLE



Memberen/ Membres

Cindy COSTA LAGE
(Member/membre)

Ana RIBEIRO
(Présidentin/présidente)

Sandra LAHR
(Member/membre)

Jeff WOHLFART
(Member/membre)



Seng Aufgaben:

- Eng Propositioun fir d'Schoulorganisatioun ausschaffen;
- E PDS ausschaffen an u senger Bewäertung matschaffen;
- Eng Propositioun fir de Gemengebudget, wat d'Schoul ubelaangt, ausschaffen;
- Eng Stellungnam huelen zu all Problemer, wat d'Schoul ugeet;
- Kucken, wat d'Schoul u Besoine fir d'Weiderbildung vun den Enseignanten huet;
- D'didaktescht an d'informatesch Material vun der Schoul verwalten;
- Beroden, ob déi verschidde didaktesch Materialien, déi an de Klassen agesat ginn, dem Schoulgesetz entsprechen.

De Schoulcomité aus der Fiels besteet aus 4 Leit. Si goufe vum gesamte Schoulpersonal gewielt an hiert Mandat huet eng Dauer vu 5 Joer.

Ses missions :

- Élaborer une proposition d'organisation scolaire ;
- Élaborer un Plan de Développement Scolaire (PDS) et participer à son évaluation ;
- Élaborer une proposition sur la répartition du budget de fonctionnement alloué à l'école ;
- Donner son avis sur toute question qui concerne le personnel de l'école ou sur laquelle la commission scolaire le consulte ;
- Déterminer les besoins en formation continue du personnel ;
- Organiser la gestion du matériel didactique et informatique de l'école ;
- Approuver l'utilisation du matériel didactique conformément à la loi scolaire.

Le comité de l'école de Larochette se compose de 4 membres. Ils sont élus par les membres du personnel de l'école et leur mandat a une durée de cinq ans.

COORDINATEUREN COORDINATEURS DE CYCLE



Claude BOCK
(Cycle 4)

Ana RIBEIRO
(Cycle 3)

Sandra LAHR
(Cycle 1)

Lynn KOOB
(Cycle 2)

De Coordinateur vum Zyklus mécht d'Koordinationsaufgaben a vertritt d'Equipe vun engem Zyklus beim Schoulcomité, den Elteren, bei der Equipe multiprofessionnelle a beim sozio-pädagogesche Personal.

E férdert d'Zesummenaarbecht tëscht Membere vun engem Zyklus a suergt fir d'Striewen no Kontinuitéit a Kohärenz am Schülerléiere.

Hie rífft Versammlunge vum Zyklus an, setzt den Ordre du jour fest, dirigéiert d'Versammlungen an dokumentéiert déi ugeholl Entscheedungen.

Le coordinateur de cycle assure les tâches de coordination et représente l'équipe d'un cycle d'apprentissage auprès du comité d'école et auprès des parents, auprès de l'équipe multiprofessionnelle et du personnel qui assure l'accueil socio-éducatif.

Il promeut la coopération entre les membres de l'équipe pédagogique d'un cycle et assure la recherche de la continuité et de la cohérence des apprentissages des élèves.

Il convoque les réunions de l'équipe pédagogique du cycle d'apprentissage. Il fixe l'ordre du jour, dirige les réunions et documente les décisions adoptées.

DIREKTION VUN DER GRONDSCHOUL - REGION 12 MIERSCH DIRECTION DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL - RÉGION 12 MERSCH

D'Direktioun vum Enseignement Fondamental vun der Region 12 Miersch gëtt vun engem Team geleet, dat aus enger Directrice, enger Directrice adjointe an engem Directeur adjoint besteet.

D'Directrice huet d'Funktioun als hierarchesch Cheffin vum Léierpersonal, sozio-educativen an administrative Personal. Si representéiert de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an der Region an assuréiert esou en direkte Lien tëscht dem Ministère an de lokale Schoulen.

D'Direktiounsteam huet d'Missioun, de gudden Fonctionnement vun de Schoulen an der Region ze garantéieren. Dëst ëmfaasst d'administrativ Gestéierung an d'pedagogesch Iwwerwaachung.

Dobäi ënnerstëtzt et och d'Léierpersonal an d'sozio-educatiivt Personal bei pedagogesche Froen an assuréiert seng berufflech Integratioun. Donieft spillt d'Direktioun och eng wichteg Roll an der Kommunikatioun a Vernetzung mat alle schoulesche Partneren.

An der Direktioun vum Enseignement Fondamental vu Miersch ass eng stellvertriedend Directrice adjointe chargéiert fir eng adäquat Betreierung vun de Schüler mat spezifesch Besoinen ze garantéieren.

Si presidéiert d'Inclusiounskommissioun a suergt esou och fir eng besonnesch an ugepasste Betreierung vun de Schüler, déi zousätzlech Ënnerstëtzung fir hir Ausbildung brauchen.

La Direction de l'enseignement fondamental de la Région 12 Mersch est dirigée par une équipe composée d'une directrice et de deux directeurs adjoints.

La directrice exerce la fonction de chef hiérarchique du personnel enseignant, socio-éducatif et administratif. Elle représente le ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse dans la région, assurant ainsi un lien direct entre le ministère et les établissements scolaires locaux.

L'équipe de direction a pour mission de garantir le bon fonctionnement des écoles de la région. Cela inclut la gestion administrative et la supervision pédagogique. Elle soutient également le personnel enseignant et socio-éducatif sur les questions pédagogiques et veille à leur insertion professionnelle. Par ailleurs, la direction joue un rôle crucial dans la communication et le réseautage avec tous les partenaires scolaires.

Au sein de la direction de l'enseignement fondamental de Mersch, une directrice adjointe est spécifiquement chargée de la prise en charge des élèves à besoins spécifiques.

Elle préside la Commission d'inclusion, assurant ainsi une attention particulière et adaptée aux élèves nécessitant un soutien additionnel pour leur éducation.

Dës Organisatioun erméiglecht et, op déi verschidde Besoine vun de Schüler anzegoen an d'Léierpersonal z'ënnerstëtzen, wärend se eng efficace administrativ Gestoun an eng fléissend Kommunikatioun mat allen Acteuren am Educatiounssecteur garantéiert.

Cette organisation permet de répondre aux besoins diversifiés des élèves et de soutenir efficacement le personnel éducatif, tout en garantissant une gestion administrative rigoureuse et une communication fluide avec toutes les parties prenantes du secteur éducatif.

 **Romaine THEISEN**
(Directrice)



 **Carole MAISCH**
(Directrice adjointe)

Kontakt/Contact

✉ secretariat.mersch@men.lu
direction.mersch@men.lu
🌐 www.diref12.lu
☎ 24 75 58-10

Direction de l'enseignement fondamental – Région Mersch

Siège principal Mersch :

📍 5, rue des Près L-7561 Mersch

Annexe Bissen :

📍 22, ZAC Kléngbousbiérg L-7795 Bissen

 **Mike HECKER**
(Directeur adjoint)



INSTITUTRICES SPÉCIALISÉES EN DÉVELOPPEMENT SCOLAIRE (I-DS)

D'Missioun vum Léierpersonal, dat op Schoulentwécklung spezialiséiert ass:

- D'Schoulen encouragéiere fir innovativ Léierpraktiken ëmzesetzen, déi nëtzlech si fir d'Léieren ze verbessern, an och zu hirer Verbreedung am Kader vum Schoulentwécklungsplang (PDS) bäizedroen;
- Dem President vum Schoulcomité oder sengem Delegéierte bei der Koordinatioun vun der Entwécklungsarbeit, der Ausschaffung, der Ëmsetzung an der Evaluatioun vum PDS ze hëllefen;
- De regionale Schouldirekter iwwert de Fortschrëtt vum PDS um Lafenden halen;
- D'Enseignanten ënnerstëtzen, déi personaliséiert Hëllef bei hirer pedagogescher Arbeit ufroen.

Les missions de l'instituteur spécialisé en développement scolaire :

- Encourager les écoles à mettre en œuvre des pratiques pédagogiques innovantes et utiles à l'amélioration des apprentissages, ainsi que de contribuer à leur diffusion dans le contexte du plan de développement de l'établissement scolaire (PDS).
- Prêter assistance au président du comité d'école ou de son délégué dans la coordination des travaux d'élaboration, de rédaction, d'implémentation et d'évaluation du PDS.
- Tenir le directeur de région au courant sur l'avancement du PDS.
- Soutenir les enseignants qui demandent une assistance personnalisée dans leur travail pédagogique.

ÉQUIPE I-DS



Sophie HAMELLE



Anne STRAUS

Kontakt/Contact

👤 **Sophie HAMELLE**
✉ sophie.hamelle@ifen.lu
👤 **Anne STRAUS**
✉ anne.straus@ifen.lu

INSTITUTEUR SPÉCIALISÉ EN COMPÉTENCES NUMÉRIQUES (I-CN)

Digitale Wandel an de Schoulen

Computer, Tablets, Smartboards, Roboter asw. sinn an eise Schoulen ukomm a wéi den Unterrecht méi digital ka ginn, ass e groust Thema bei den Enseignanten, de Kanner an den Elteren. Mat ChatGPT ass eng weider spannend Technologie op eis duerkonn a wäert d'Schoul nach weider veränneren - ob mir wëllen oder net!

Zu mengen Aufgaben als i-CN (*instituteur spécialisé en compétences numériques*) gehéiert et fir Är Schoul op dësem Wee an eng ëmmer méi digital Zukunft ze begleeden. An deem Sënn beroden an informéieren ech d'Enseignanten an d'Kanner, sou datt si sécher, kreativ a verantwortungsvoll mat digitale Medien ëmgoe kënnen.

Zesumme mat den Enseignante schaffen ech un engem ganzheetleche Mediekonzept fir d'Schoul a bidden eng Rei vun innovativen a pedagogeschen Aktivitéite fir all Klasse vum Zyklus 1 bis den Zyklus 4 un. Dës flott Aktivitéiten dréien ëm Theme wéi Social Media, KI - kënschtlech Intelligenz -, Fake-News, Computational thinking, Netiquette, digital Storytelling, Radio/Podcast, asw.

Parallel dozou organiséieren ech awer och eng ganz Rei vu praktesche Weiterbildunge fir d'Enseignanten zu Themen, déi wichteg fir d'Entwécklung vun der Schoul sinn.

Als Mediepedagog kann ech awer och Input op Elterenowenter ginn, resp. d'Elterevertrieder oder d'Gemenge beroden, wéi een all Schoulpartner op déi digital Erausforderunge virbereede kann.

Zanter véier Joer ënnerstëtzen ech déi 9 Schoulen aus der Regionaldirektioun 12 an dee ganz positive Feedback weist, wéi wichteg Schoulentwécklung am Beräich vun den digitale Medien ass.

Le changement numérique dans les écoles

Ordinateurs, tablettes, tableaux intelligents, robots, etc. sont arrivés dans nos écoles et la façon dont l'enseignement peut devenir plus numérique est un enjeu majeur pour les enseignants, les enfants et les parents. Avec ChatGPT, une autre technologie intéressante est arrivée et continuera de changer l'école - que cela nous plaise ou non !

Une de mes missions en tant qu'i-CN (*instituteur spécialisé en compétences numériques*) est d'accompagner votre école vers un avenir de plus en plus numérique. Dans ce sens, je conseille et informe les enseignants et les enfants, afin qu'ils puissent utiliser les médias numériques en toute sécurité, de manière créative et responsable.

En collaboration avec les enseignants, je travaille sur un concept médiatique pour l'école et propose un certain nombre d'activités innovantes et pédagogiques pour toutes les classes du cycle 1 au cycle 4. Ces grandes activités tournent autour de sujets tels que les réseaux sociaux, l'intelligence artificielle, les Fake News, l'intelligence artificielle, la netiquette, la narration numérique, la radio/podcast, etc.

Parallèlement, j'organise également un certain nombre de formations pratiques pour les enseignants sur des sujets importants pour le développement de l'école.

En tant que pédagogue des médias, je peux également intervenir lors des soirées parents, resp. conseiller les représentants des parents ou les communes sur la manière de préparer tous les partenaires scolaires aux défis numériques.

Depuis quatre ans, j'accompagne les 9 écoles de la direction régionale 12 et les retours très positifs montrent à quel point le développement des écoles dans le domaine des médias numériques est important.

Ech freeë mech allefalls op eng weider flott Zesummenaarbecht mat Är Schoul a wann Dir nach weider Informatiounen braucht oder Froen hutt, kënnt Dir lech gäre bei mir mellen.

J'attends avec impatience une nouvelle bonne collaboration avec votre école et si vous avez besoin de plus amples informations ou si vous avez des questions, n'hésitez pas à me contacter.



SCHOULKOMMISSION COMMISSION SCOLAIRE

D'Mission vum der Schoulkommission ass:

- Virschléi ze koordinéieren betreffend der Organisatioun vun der Schoul an de Schoulentwécklungspläng an dem Gemengerot en Avis ze proposéieren;
- E Suivi ze assuréieren vun der Ëmsetzung vun der Schoulorganisatioun an de Schoulentwécklungspläng wéi och vum *plan d'encadrement périscolaire (PEP)*;
- Auserschoulesch Ënnerstëtzungsmoosnamen ze fërderen duerch d'Informatioun, den Austausch an d'Concertatioun tëscht den Elteren, dem Schoulpersonal an dem Personal aus de Servicer an Organisatiounen, déi ausserhalb vun der normaler Schoulzäit Betreuung ubidden;
- En Avis ze formuléieren iwwer d'Rapporte vun der Agence fir d'Entwécklung vun der Educationsqualitéit an de Schoulen an de Schäfferot drop opmierksam ze maachen, wat d'Kommission fir d'Interesse vun der Grondschoul sënnavoll hält;

Sans préjudice des attributions prévues dans d'autres articles, la Commission scolaire a pour mission :

- de coordonner les propositions concernant l'organisation des écoles et les plans de développement scolaire et de proposer un avis au Conseil communal ;
- de faire le suivi de la mise en œuvre de l'organisation scolaire et des plans de développement scolaire ainsi que du *plan d'encadrement périscolaire (PEP)* ;
- de promouvoir des mesures d'encadrement périscolaire en favorisant l'information, les échanges et la concertation entre les parents, le personnel intervenant dans les écoles et les services et organismes assurant la prise en charge des élèves en dehors de l'horaire scolaire normal ;
- d'émettre un avis sur les rapports établis par l'Agence pour le Développement de la qualité de l'enseignement dans les écoles et de porter à la connaissance du Collège des bourgmestre et échevins tout ce qu'elle juge utile ou préjudiciable aux intérêts de l'enseignement fondamental ;

- En Avis ze formuléieren iwwer Propositione betreffend dem Schoulbudget;
- Un der Entwécklung vum Design, Bau oder vun der Transformatioun vu Schoulgebaier deelzehuelen.
- d'émettre un avis sur les propositions concernant le budget des écoles ;
- de participer à l'élaboration de la conception, de la construction ou de la transformation des bâtiments scolaires.

Memberen vun der Schoulkommissioun/ Membres de la Commission scolaire

Mirko MARTELLINI
Président

Myriam MARTINS MENDES
Membre

Liz HEINTZ
Membre

Bruno BRUNETTI
Membre

Melissa RIBEIRO GONCALVES
Membre

Ana RIBEIRO
Présidente du Comité d'école

Cindy COSTA LAGE
Membre du Comité d'école

Dorothee SCHNEIDER
Représentante des parents d'élèves

Claudine RIBEIRO
Représentante des parents d'élèves

Annette SCHLOESSER
Chargée de direction de la Maison Relais

Romaine THEISEN
Directrice de l'enseignement fondamental

ELTEREVERTRIEDER REPRÉSENTANTS DES PARENTS

D'Aufgabe vun den Elterevertrieder

- D'Virschléi vum Schoulcomité betreffend der Schoulorganisatioun an dem PDS diskutéieren, weiderentwéckelen a Verbesserungsvirschléi maachen;
- Gemeinsam Veranstaltungen a Versammlunge mat deverschiddene Schoulpartnerorganisatiounen;
- Virschléi maachen, déi d'Schoulliewe betreffen.

Les missions des représentants des parents

- Discuter, compléter et développer la proposition d'organisation scolaire ainsi que le plan de développement scolaire élaborés par le Comité d'école ;
- Organiser des réunions et manifestations communes avec les partenaires de l'école ;
- Formuler des propositions sur toutes les questions en relation avec l'organisation de la vie scolaire.

ELTEREVEREENEGUNG ASSOCIATION DES PARENTS D'ÉLÈVES DE L'ÉCOLE DE LAROCLETTE



D'Elterevereenegung aus der Fiels organiséiert verschidde Fester a schoulesch, souwéi auserschoulesch, Aktivitéiten an Zesummenaarbecht mat den Enseignanten (Coupe scolaire mam Zyklus 4, Schoulfest...) a si bedeelegen sech, sou wäit et méiglech ass, u Finanzementer vun Ausflich, Aktivitéiten a schoulesche Projeten.

L'association des parents d'élèves de Larochette organise des manifestations et activités scolaires et parascolaires en collaboration avec les enseignants (organisation de la coupe scolaire pour le cycle 4, organisation de la fête scolaire,...) et contribue, dans la mesure du possible, au financement de manifestations, activités ou projets scolaires.

SOZIALAARBECHTERIN ASSISTANTE SOCIALE



